N° 7646
Entrée le 22.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vum Minister fir Digitaliséierung a vum Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro n° 7646 vum 22. Februar 2023 vum Här Deputéierte Marc Spautz an vun der Madamm Deputéiert Diane Adehm.**

D'Regierung ënnerstëtzt bei de Negociatioune vum AI Act d'Propose vun der Europäescher Commissioun an huet bei der aktueller Orientation générale am Conseil de l'UE engem éischte Kompromësstext vun de Memberstaaten zougestëmmt.

D'kënschtlech Intelligenz (KI) ass e breede Sammelbegrëff deen Technologie betrëfft déi ganz vill verschidden Aktivitéiten impaktéiere kënnen, sief dat gesellschaftlecher wéi och wirtschaftlecher Natur. Dës Technologien hu vill Potenzial, souwuel am negative wéi am positive Sënn. Et ass der Regierung wichteg, di richteg Balance tëscht Risken an Opportunitéiten ze fannen.

Den AI Act huet eng Approche déi op der Risiko-Ofschätzung baséiert. Konkret heescht dat, dass d'EU sech dorop eenegt verschidden Utilisatioune vun der AI-Technologie ze verbidden, notamment déi Gebräich déi a Kontradiktioun mat eisen europäesche Wäerter stinn. Zur nämmlechter Zäit ginn Utilisatiounen déi e ganz groussen Impakt op d'Bierger kënnen hunn, mat den néidege Sécherheets-Garantien erlaabt, zum Beispill am Gesondheets-Beräich awer och am Rekrutement.

KI-Applikatiounen déi just en niddrege Risiko fir d'Bierger bedeiten, ginn deementspriechend ganz liicht reguléiert, esou datt d'Innovatioun an der EU net gebremst gëtt. An deem Sënn bitt den AI Act net just eng Approche vum Verbuet, mee och vun der Innovatiouns-Fuerderung duerch verschidden Instrumenter déi eng ethesch onbedenklech KI-Entwécklung an der EU ënnerstëtzen.

Der Regierung ass et wichteg, dëse Sujet esou ze behandelen, datt de Bierger e bewossten Ëmgang mat dësen ëmmer méi komplexen Technologie kann hunn, a sech de méiglече Gefore bewosst gëtt.

De Premier Minister huet d'strateegesch Visioun hisiichtlech der biergerzentréiert kënschtlecher Intelligenz zu Lëtzebuerg schon 2019 presentéiert. Fir den Asaz vun der KI an der ëffentlecher Verwaltung ze férderen, gëtt am Kader vun der Initiative AI4Gov, all Joer en Appel à Projets lancéiert, fir innovativ Projete mat Hëllef vu kënschtlecher Intelligenz an de Verwaltungen ëm ze setzen.

Lëtzebuerg, den 22/03/2023.

De Minister fir Digitaliséierung

(s.) Xavier Bettel